LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Luxembourg, le 23 août 2019

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec
le Parlement

Service Central de Législation
43, boulevard F.D. Roosevelt
L – 2450 Luxembourg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
23 AOUT 2019

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire N°963 du 25 juillet 2019 de l'honorable député Monsieur Jeff Engelen, concernant la gratuité des transports en commun, tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

François Bausch
Ministre de la Mobilité
et des Travaux publics

Adresse postale: L-2940 Luxembourg
Bureaux: 4, Place de l'Europe
Luxembourg/Kirchberg
Téléphone: 247-83301
Téléfax: 247-93308

Äntwert vum Här François Bausch, Minister fir Mobilitéit an éffentlech Aarbechten op déi parlamentaresch Fro n° 963 vum 25. Juli 2019 vum Här Deputéierte Jeff Engelen

Mat der parlamentarescher Fro n° 963 vum 25. Juli 2019 wollt den honorabelen Deputéierte Jeff Engelen sech iwwert de gratis éffentlechen Transport informéieren.

Vun deenen am ganze 90 CFL-Guichetsagente si 16 Agente vum Zoumaache vun de Guichete betraff. Dësen Agente gi folgend Méiglechkeeten ugebueden:

- Transfert op e Posten als Empfangsagent / Aufsichtsbeamten,
- Transfert an de Guichet op der Gare Lëtzebuerg oder Belval-Université, oder
- Emwandelen vum Posten op en anere fräie Posten op der CFL.

Et wäerten och net manner CFL Beamten op de Gare sinn, mee si stinn éischter um Quai fir d'Clienten ze guidéiere wéi dat se an engem Guichet sëtzen.

Wat de Statut an d'Aarbecht vun der Mobilitéitszentral ugeet, sou ass ze präziséieren dat hier éischt Missioun ass a bléift de Client ze informéieren a Reklamatiounen ze beäntweren, a net de Verkaf vun den Ticketen. Deemno wäert hier Attributioun net fundamental änneren.

D'Kontrollen an deene grenziwwerschreidende Busse souwéi internationalen Zich gi weiderhi vun de CFL Agenten duerchgefouert déi zousätzlech aner Missiounen am Beräich vun der Qualitéitssécherung kréien.

De Verkaf vun nationale, regionalen an internationale Billjeeën an Abonnementer fënnt weiderhin an de Gare Lëtzebuerg a Belval-Université statt. E Verkafspunkt vum TICE fir 1. Klass a grenziwwerschreidend (Bus) Billjeeë befënnt sech an der Escher Gare. Zousätzlech stinn d'Informatiounskanäl souwéi den Online Verkaf vun der CFL dem Client 24 Stonnen op 24 zur Verfügung (Applikatioune CFL mobile a CFL international, d'Internetsäit www.cfl.lu, de CallCenter souwéi d'telefonesch Auskonft).

Wann ee Statistiken vun dem Verkaaf vun internationalen Ticketen kuckt, ausserhalb vun der Staater Gare an Esch (dh zu Ettelbreck, Waasserbëlleg, Iechternach, Beetebuerg, Péiteng, Miersch, Clierf an Elwen zesummen), sou beschränkt dee sech op eng knapp 60 Ticketen den Dag, dobäi ass déi Vente réckleefeg tëscht 2017 a 2018.